déi Lénk

Foire aux questions

Firwat sinn d'Energiepräisser gedeckelt?

D'Präisser fir Gas a Stroum entstinn op globalen a regionale Mäert a schwanken opgrond vun der Offer an der Nofro. Si ginn awer och beaflosst duerch Spekulatioun vu grousse Produzenten an Investoren, déi hir Profitter wëllen sou héich wéi méiglech eropsetzen. Eng wichteg Roll spillen dobäi Finanzprodukter, déi un d'Energiepräisser gekoppelt sinn an e groussen Afloss op d'Präisentwécklung hunn. Hei handele keng Stéit a Betriber, déi Energie kafe fir se ze verbrauchen, mee Finanzacteuren, déi an éischter Linn vill Geld verdénge wëllen.

Nom Ugréff vu Russland op d'Ukrain ass den Energiemaart staark aus dem Rudder gelaf. D'Onsécherheet huet d'Präisser eropgedriwwen a grouss Gewënner konnten sou vun de Produzenten a vu Spekulanten agefuer ginn. Fir ze verhënneren, dass dës Präisser net vun de Stéit musse bezuelt ginn, hu vill Staaten en Energiepräisdeckel agefouert, dorënner och Lëtzebuerg. D'Präisser fir de Verbraucher goufen also op engem scho relativ héijen Niveau gedeckelt. D'Energieproduzenten a -lieferanten kruten awer de Maartpräis weiderbezuelt, wëll de Staat fir d'Differenz opkënnt. De Staat finanzéiert also d'Profitmargë vun Energiekonzerner mat.

Wiem hëlleft den Deckel op den Energiepräisser?

All Stot dee mat Gas hëtzt a Stroum verbraucht, profitéiert vum Deckel op de Präisser. Besonnesch Stéit mat klengem Akommes spieren den Deckel, wëll si verhältnisméisseg méi vun hirem Akommes fir Energie ausginn. Stéit mat héijem Akommes hunn an absolutten Zuelen awer finanziell méi vum Präisdeckel, wëll si meeschtens och méi Gas an/oder Stroum verbrauchen.

Wat plangt d'Regierung mam Energiepräisdeckel?

D'Präisdeckelung um Gas soll vum 1. Januar 2025 u ganz ewechfalen an um Stroum gëtt den Deckel ëm d'Hallschent reduzéiert. D'Regierung begrënnt dat domat, dass d'Präisser sech op engem méi déiwen Niveau wéi nach 2023 an ugangs 2024 stabiliséiert hätten. Dat ass awer net ganz richteg, wëll besonnesch d'Stroumpräisser weider ganz héich bleiwen. Doriwwer eraus riskéieren d'Energiepräisser duerch de Konflikt am Noen Osten erëm ze klammen.

Wat bedeit d'Decisioun vun der Regierung konkret fir d'Stéit?

Fir e Stot, deen seng Wunneng oder säin Haus mat Gas hëtzt a Stroum verbraucht fir séng gängeg Apparater (Frigo, Wäschmaschinne, Bakuewen…) an d'Beleuchtung géif d'Upassung

vum Deckel eng Hausse vun den Ausgabe pro Joer vun am Schnëtt 670€ bedeiten, also knapp 60€ méi pro Mount. Fir Stéit dogéint, déi mat Wärmepompel hëtzen, wier d'Hausse vun de Präisser méi staark: 1070€ wieren et hei pro Joer, also 90€ de Mount méi. Des Beträg huet d'Chambre des Salariés opgrond vun Zuele vum STATEC gerechent.

Zousätzlech géif duerch déi Decisioun vun der Regierung d'Inflatioun erëm befeiert ginn, wëll méi héich Verbraucherpräisser op der Energie och vill Produkter méi deier géife maachen. Ganz vill kleng Commercen a soss Betriber sinn nämlech och vum Präisdeckel betraff. Si géife méi héich Energiepräisser op hir Verkafspräisser drop schloen. Wéi staark den Impakt dovunner wier, ass awer schwéier ze soen.

Wat misst een dann aus der Siicht vun déi Lénk maachen ?

Mir wëllen dass den Energiepräisdeckel sou wéi en elo besteet fir 2025 weider bestoe bleift. Mir mengen, dass et falsch ass an der aktuell schwiereger Situatioun nei Präishaussë liichtfankeg auszeléisen. Vill Stéit si staark vun den héije Wunnkäschten betraff, sief et duerch de Loyer, sief et duerch d'Zënsen um Prêt fir d'Wunneng oder d'Haus. Déi héich Käschte betreffe Stéit an den aller meeschten Akommeskategorien. Mir mengen dass elo op kee Fall sollt zougelooss ginn, dass Stéit Honnerten Euro zousätzlech Käschte kréie fir eng Grondversuergung bei der Energie kënnen z'assuréieren. Dofir soe mir: Den aktuell gültegen Energiepräisdeckel muss kuerzfristeg an zumindest fir 2025 a Kraaft bleiwen!

Soll de Staat dann éiweg e Präisdeckel finanzéieren?

Op Dauer mécht dat kee Sënn, wëll de Staat net mat Steiergelder Spekulatioun a Profitter vun Energiekonzerner matfinanzéiere soll an dat och nach ouni Garantie, dass déi Profitter och tatsächlech an den Ausbau vun den Netzer an an erneierbar Energië fléissen. ENCEVO huet d'lescht Joer mam Akaf a Verkaf vun Energie 171 Milliounen Euro Profit gemaach. ENCEVO ass dee Grupp zu dem och ENOVOS a CREOS gehéieren. Dat ass méiglech, wëll Energie wéi eng Wuer gehandelt gëtt a grouss Energiekonzerner a ganz Europa profitorientéiert Betriber sinn, déi zueneen a Konkurrenz stinn. Wat méi Profitter entstinn, wat méi Dividenden un d'Aktionäre fléissen, wat méi Geld aus de klengen an déi grouss Täsche wandert.

Wat wir dann d'Alternativ zum liberaliséierte Marché?

D'Energie, hir gréisser Produktioun an hir Verdeelung missten an ëffentleche Besëtz iwwergoe fir dass aner Ziler Iwwerhand kréie wéi déi reng Profitmaximéierung. Wann de Staat an d'Gemengen déi grouss Decisioune kënnen huelen iwwer den Ausbau vun den Infrastrukturen, d'Investitiounen an déi erneierbar Energien an iwwer de Präis vun der Energie, da kéint eng vill besser Previsibilitéit geschafe gi fir d'Stéit a fir d'Betriber. Déi grouss Präisschwankungen aus der rezenter Vergaangenheet hätten sou kënne verhënnert ginn. Déi sou dréngend noutwendeg Investitiounen an d'Energieinfrastruktur ~~zu Lëtzebuerg~~ kéinten dann iwwer eng raisonnabel Tarifikatioun vun der Energie an eng Steierpolitik, déi vill méi staark soziale wéi ekologesche Kritäre Rechnung dréit. An net en fonctioun vun de Weltpräisser vum Gas oder Petrol an no de Virstellunge vu privaten Energiebetriber, déi laanscht all demokratesch Kontroll handelen.

Wat kann een da konkret hei zu Lëtzebuerg änneren?

Mir wëssen, dass Lëtzebuerg wéineg Afloss huet op den internationalen Energiemaart an op déi grouss Konzerner.
Mee de Staat an d'Gemengen kënnen engersäits selwer Energie produzéieren andeems se an déi erneierbar Energien investéieren. Grouss Solar- a Wandanlage grad ewéi grouss Wärmepompelen a Wärmenetzer fir ganz Quartier'e kënnen ëffentlech finanzéiert ginn. Och den Zesummeschloss vun de privaten Haushalter hire Produktioune a Kooperativen soll gefördert ginn. An et ass anerersäits och noutwenneg, dass d'Energienetzer erëm an d'ëffentlech Hand kommen. Sou kann eng Tarifikatioun festgeluegt ginn, déi e Basisbedarf un Energie vill méi bëlleg mécht, an d'Verbëtze vun Energie vill méi deier. An da mussen och fir jiddereen accessibel Ureizer geschafe ginn fir energeetesch Renovatioune vun de Wunnengen an de Gebaier allgemeng. Well déi bëllegst Energie ass déi, di net verbraucht gëtt !

Huet dat och eppes mam Recht op Energie ze dinn ?

Jo ! Wëll haut privatrechtlech Betriber Gas a Stroum liwweren an de Stéit dat dann a Rechnung stellen, hunn si natierlech Interesse un héije Präisser. Dobäi kënnt, dass et ëmmer erëm Fäll ginn, wou Stéit de Gas an nach méi oft de Stroum ofgestallt kréien, wëll se hir Rechnungen net kënne bezuelen. Och wann dann am Prinzip den Office social asprange soll, geschitt dat net ëmmer.

Recht op Energie bedeit fir eis, dass de Basisbedarf un Energie ni a Fro gestallt ka ginn. Dofir muss d'Ofdréie vum Gas oder vum Stroum duerch de Fournisseur verbuede ginn. De Grondbedarf un Energie muss ëmmer assuréiert sinn, an dat onofhängeg vum Kontestand an ouni bei den Office social musse froen ze goen. Dat ass awer nëmme méiglech, wann d'Energie en ëffentleche Service gëtt.